N°451
Entrée le 19.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 451 vum 8. Mäerz 2024 vum Här Deputéierten Fred Keup.**

1. **A wéi ville Fäll hunn déi zoustänneg Autoritéite vu Bâtiments publics an deene leschten dräi Joer beim CSEE missen aktiv ginn, fir Schied un de Gebailechkeeten ze reparéieren?**

   An deene leschten dräi Joer ass d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten ongeféier 15 mol um Site vum CSEE Dräibuer interveneéiert fir Schied un de Gebailechkeeten ze behiewen.

2. **Wéi héich ass an deem Zesummenhank d'Gesamtzomm fir d'Reparéiere vun de Schied, déi an de leschten dräi Joer am CSEE un de Gebailechkeeten entstane sinn?**

   D'Verwaltung fir ëffentlech Bauten huet an de Joren 2021-2023 an de Gebailechkeete vum CSEE Dräibuer Reparaturaarbechten an enger Héicht vun ongeféier EUR 500'000.- TTC ausgefouert.

Lëtzebuerg, den 19 Abrëll 2024

D'Ministerin fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes